TEAM „OUTREACH YOUTH WORK“

DANIELA DARIO

Master Expertise et Intervention sociologique

37 Joer

Coordinatrice vum FSE-Projet “Outreach Youth Work”

Fir mech ass Jugendaarbecht wichteg well déi Jonk vun haut sinn déi Erwuesse vu muer, a wa mir eng besser Welt wëllen, musse mir bei Kanner a Jonken usetzen.

Ech ënnerstëtzen de Projet « Outreach Youth Work », well ech vun Ufank un de Projet matgestalte kann, wëssend datt e sënnvoll ass an eng wichteg Stäip fir déi Jonk duerstellt.

A menger Fräizäit schalten ech am beschten of beim spille mat mengem klenge Jong, austauschen mat mengem Frënd a kreativ schaffe mat menger Bitzmaschinn.

Coordinatrice vum FSE-Projet “Outreach Youth Work”

TEAM „OUTREACH YOUTH WORK“

CAROLINE SCHMITZ

Assistante sociale

26 Joer

Service d'aide aux jeunes en milieu ouvert

Fir mech ass Jugendaarbecht en wichtege Wee dee voller Ofwiesslung, Flexibilitéit, Beweegung, Kreativitéit, a Mënschlechkeet gekennzeechent ass.

Ech ënnerstëtzen de Projet « Outreach Youth Work », well ech mech fir den Jugendberäich interesséieren, sinn op hirem wee an Erwuessenenliewen ënnerstëtze well, an sinn an hire Kompetenzen an Interesse stäerke well.

A menger Fräizäit schalten ech am beschten of mat lafe goen, wann ech flott Momenter mat Frënn verbrénge kann, a wann ech reese kann.

Asatzplaatz: **JUGENDTREFF KÄL-TEITENG**

TEAM „OUTREACH YOUTH WORK“

MARIE-LOU GOEDERTZ

Assistante sociale

26 Joer

2 Joer am Lycée Technique de Bonnevoie am Kader vun der Klass Mosaïk

Fir mech ass Jugendaarbecht : Empathie, Respekt, Motivatioun a Spaass.

Ech ënnerstëtzen de Projet « Outreach Youth Work », well de Projet mir vun Ufank un zougesot huet. Ech war och mat der Problematik vum Jugendchômage an zemools vun décrochage scolaire konfrontéiert ginn am LTB.

A menger Fräizäit schalten ech am beschten of andeems ech mech mat Frënn treffen, mat mengem Hond spadséiere ginn oder einfach relaxéieren.

Asatzplaatz: **JUGENDHAUS BOUNEWEG**

TEAM „OUTREACH YOUTH WORK“

SANDY ROBEN

Educatrice Graduée

23 Joer

Frësch vun der Uni Lëtzebuerg

Fir mech ass Jugendaarbecht wichteg, well d’Jugend eis Zukunft ass. Jidderee weess, datt d’Jugend eng schwéier Phase am Liewe ka sinn, a wei wäertvoll eng kleng Hëllef an deem Moment ass.

Ech ënnerstëtzen de Projet „Outreach Youth Work“ , well ech mech op nei Erausfuerderunge freeën an ech en groussen Notze bei der Hëllef vun de Jugendleche gesinn. Ech si gespaant fir dësen, mech nach neien, Beräich kennen ze leieren a fir vill wäertvoll Erfahrungen ze sammelen.

An menger Fräizäit schalten ech am Beschten of matt Musik lauschteren. Sport ass och ëmmer en gudden Ausgläich fir de Kapp nees frei ze kréien**.**

Asatzplaatz: **PÉITENGER JUGENDHAUS**

TEAM „OUTREACH YOUTH WORK“

STEPHANIE MARTINI

Educatrice Graduée

36 Joer

7 Joer als Educatrice am Jugendhaus Mertert/Wasserbillig-Wormeldange

Fir mech ass Jugendaarbecht , am enke Kontakt matt deene Jonken zesummen ze schaffen, sech un hirer Liewenswelt ze orientéieren an ech sinn ëmmer rëm op en Néits ze motivéieren.

Ech ënnerstëtzen de Projet « Outreach Youth Work », well mech d'Beräicher Jugendchômage an Arbechtssich bei deene Jonke staark interesséieren an ech d'Method vun der opsichender Jugendaarbecht an d'Zesummenaarbecht matt de Jugendhaiser spannend fannen.

A menger Fräizäit schalten ech am beschten of andeems ech vill matt mengem Partner diskutéieren a laachen no Feierowend a matt menge Muppen an der Natur spadséiere ginn.

Asatzplaatz: DIDDELENGER JUGENDTREFF

TEAM „OUTREACH YOUTH WORK“

TAMARA JUNG

Master Psychologie

31 Joër

2 Joer als Chargée de Direction du Foyer de Jour « Kannerwelt »

Fir mech ass Jugendaarbecht Verständnis fir de Jugendalter an d’jugendlech Institutiounen. Et ass haaptsächlech eng dynamesch, aktiv a creatif Bezeihung an Emotiounsarbecht.

Ech ënnerstëtzen de Projet « Outreach Youth Work », well et eng super Moossnahm ass vir jonk Leit déi nach net vill Chance am Liewen haten. Et bréngt och meng Mënschlechkeet weider a jidderee verdéngt eng Chance am Liewen.

A menger Fräizäit schalten ech am beschten of beim bitzen oder beim Hond spadséiere souwuel wie bei Sportaktivitéite wéi Parkour oder Fitness.

Asatzplaatz: JUGENDTREFF DEIFFERDENG